N°2196
Entrée le 04.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.04.2025
Chambre des Députés

LSAP

Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation
et de la Viticulture 8

Référence : 214/25

07 AVR. 2025

A traiter par

Copie à

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber
Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Abrëll 2025

Här President,

Esou eweí den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit virun ze leeden.

Zanter e puer Joer breet d'asiatesch Runn sech ëmmer méi zu Lëtzebuerg aus. Wéi grouss den Impakt ass, deen dat op d'Bestëbserinsekten a méi speziell op d'Hunnegbeien huet, schéngt net ganz kloer ze sinn.

Aus enger Äntwert op eng parlamentaresch Fro vum leschte Joer vun der Madamm Ministesch an dem Här Minister geet ervir, dass d'asiatesch Runn sech fest bei eis etabléiert huet an dass awer versicht gëtt, des Populatioun sou niddreg wéi méiglech ze halen.

An deem Kontext wéilte mir follgend Froe stellen:

- Wat ass den aktuelle Fuerschungsstand zur Schiedlechkeet vun der asiatescher Runn? Gëtt zu Lëtzebuerg dozou e Monitoring gemaach a wa jo, wat fir Schied, ënner anerem fir Beienziichter, goufen am leschte Joer festgestallt?
- Wéi gëtt d'Ëffentlechkeet sensibiliséiert, fir dass lo am Fréier méiglechst vill Primärnäschter vun asiatesche Runne kennen entdeckt an ewechgemaach ginn?
- Wéi ginn d'Leit allgemeng doriwwer informéiert, wéi een déi eenheemesch Runn vun der asiatescher Runn ënnerscheede kann a wéi een sech verhale soll, wann een en Nascht gesäit ?
- Wéi ass d'Zesummenaarbecht mat de Beienziichter an deem Kontext?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Claire Delcourt
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2196 vum 4. Abrëll 2025 vun den éierewäerten Députéierten Mars Di Bartolomeo a Claire Delcourt iwwert "Frelons à pattes jaunes"

Wat ass den aktuelle Fuerschungsstand zur Schiedlechkeet vun der asiatescher Runn? Gëtt zu Lëtzebuerg dozou e Monitoring gemaach a wa jo, wat fir Schied, ënner anerem fir Beienziichter, goufen am leschte Joer festgestallt?

An enger ganz rezenter Etude (Pedersen et al. 2025, Science of the Total Environment Volume 970, 20 March 2025[1]) ass mat molekularbiologesche Methode méi genee gekuckt ginn, vu wat fir engen Déieren sech déi asiatesch Runn (lat. *Vespa velutina)* ernäert. Hei gouf bestätegt, dass d'Hunnegbei di wichtegst Aart fir d'Ernärung vun dëser Runn ass. Doriwwer eraus , huet sech awer och gewisen, dass och nach vill aner Aarten, déi zu engem groussen Deel als Bestëbser eng wichteg Roll spillen, vun der *Vespa velutina* gefriess ginn. Esou kann een sech eng Iddi maachen, wou och eventuell ekologesch Schied ze erwaarde sinn.

Wat d'Schied bei der Hunnegbei ugeet gouf et bis elo nach kee systematesche Monitoring zu Lëtzebuerg. Et ass awer kloer, dass hei am Land och verschidde Beiestänn betraff waren, an dass et och scho Verloschter vu Beievëlker gouf. Am Kader vum Fuerschungsprojet BeeFirst vum LIST, dee vum Landwirtschaftsministère finanzéiert gëtt, sinn elo all d'Beienziichter ugeschriwwe gi fir d'Opkomme vun der asiatescher Runn mat méigleche Schied ze mellen. Hei leien awer nach keng Resultater vir.

An enger anerer Etude (Requier et al. 2023, Science of the Total Environment Volume 898, 10 November 2023[2]) gouf den Impakt op d'Imkerei a Frankräich analyséiert. Am schlechtste Fall rechnen déi Fuerscher mat bis zu 29% Volleksverloschter an enger ekonomescher Perte vu bis zu 26% vum Akommes vun der Beienzuucht. Esou staark Schied sinn aktuell awer nach net bei eis ze erwaarden, well an der Etude ass d'Virkomme vun der Asiatescher Runn op 1 Nascht pro km^2 geschat ginn. Do ware mir zu Lëtzebuerg am Joer 2024 wäit manner betraff.

Wéi gëtt d'Ëffentlechkeet sensibiliséiert, fir dass lo am Fréier méiglechst vill Primärnäschter vun asiatesche Runne kennen entdeckt an ewechgemaach ginn?

Wéi ginn d'Leit allgemeng doriwwer informéiert, wéi een déi eenheemesch Runn vun der asiatescher Runn ënnerscheede kann a wéi een sech verhale soll, wann een en Nascht gesäit?

Am Kader vun der nationaler Strategie zu invasive, gebiddsfriemen Aarte ginn eng ganz Panoplie vun Acteuren an d'Sensibilisatioun agebonnen. An deem Kontext gëtt och d'Ëffentlechkeet op d'*Fiche d'identification* vun der *Vespa velutina* (https://environnement.public.lu/dam-

[1] https://doi.org/10.1016/j.scitotenv.2025.178978.
[2] https://doi.org/10.1016/j.scitotenv.2023.165576.

assets/documents/natur/biodiversite/especes_invasives/fiches-identification/Frelon-asiatique-FR.pdf), den Aktiounsplang géint dës Aart oder och op de Flyer zur Ënnerscheedung vun der asiatescher an der eenheemescher Runn opmierksam gemaach[3].

Zousätzlech ënnerstëtzt den Ëmweltministère eng ganz Rei Projeten déi ronderëm Harespelen a Runne sensibiliséieren a beroden a vun ëffentlechen Acteuren souwéi och vu verschiddene Fuerschungsinstituter an ONGen am Kader vum Nationale Bestëbserplang ëmgesat ginn.

Wéi ass d'Zesummenaarbecht mat de Beienziichter an deem Kontext?

D'Naturverwaltung huet mam Lëtzebuerger Landesverband fir Beienzuucht ee Flyer ausgeschafft, deen d'Ëffentlechkeet iwwert déi asiatesch Runn opkläert an ugëtt wou een zum Beispill kann Informatiounen iwwert déi Aart mellen, a wéi ee se vun der europäescher Runn kann ënnerscheeden. https://neobiota.lu/wp/wp-content/uploads/Poster-Vespa-vrabro-vs-velutina-2022-small.jpg

Lëtzebuerg, den 12. Mee 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit

[3] https://environnement.public.lu/fr/natur/biodiversite/plan_d_action_especes_et_habitats1/luttecontreleseee.html.